Architektur Visite

REEL 10
ZURICH
Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois



D'Schwäiz ass op der enger Säit bekannt fir seng héich Bierger, seng immens Däller a seng pittoresk Chaleten. Doriwwer ewech gëtt et awer och eng Schwäiz, déi bekannt ass fir seng zäitgenösseg Architektur.

Déi Aart a Weis, wéi mat den Theme Städtebau, Raum, Konstruktioun a Materialisatioun ëmgaange gëtt, gëlt international als exemplaresch. Och wa vill Leit net mat dëser reduzéierter Aart vun Architektur, Type Swiss Box, waarm kënne ginn, sou wëssen dach déi meescht Amateure vun der Architektur dëst z'appreciéieren.

Den Zentrum vun der Entwécklung vun dëser Baukonscht ass mat der Zäit Zürich ginn. D'Eidgenössische Technische Hochschule Zürich (ETHZ) ass hei d'zentral Plaatz vum architektoneschen Debat. Am Laf vun der Zäit hu sech zu Zürich eng Villzuel vu klenge Büroen, déi duerch eng héich Qualitéit erausstiechen, ugesidelt. Déi sou viirhande Konkurrenz erméiglecht et den héichen Niveau vum Bau bäi ze halen.

Bei eiser Visite wäerte mer déi verschidde Säite vun der heiteger Schwäizer Architektur gesinn. De But ass et, de Studenten en Iwwerbléck iwwert e puer an de leschte Jore realiséierte Bauten ze ginn. Dobäi wäerten d’Theme sinn: Urbanismus, Raum a Konstruktioun.

Schulhaus Leutschenbach

D'Schulhaus Leutschenbach steet an engem vun de sech am séiersten entwéckelnde Quartéiere vun Zürich. De Wiessel vun Industriequartier zu engem attraktive Wunn- a Geschäftsvéierel, verlaangt nei ëffentlech Gebaier. D'Schoul ass deen éischte grousse Projet an dëser Géigend.

D'Iddi vum Gebai ass, dass een d'Grondfläch duerch Stapele vun de Fonctiounen op ee Minimum reduzéiert. Doduerch kann d'Fläch vum Park rondrëm bescht méiglechts ausgenotzt ginn. Sou kënnt et dann och, dass d'Sportshal um 5. Stack läit. D'Konstruktioun vun der Schoul ass ouni Zweifel dee markantsten Aspekt vun dëser Schoul. Déi aussergewéinlech Stolkonstruktioun ass vum Lëtzebuerger Dr. Joseph Schwartz berechent ginn.

Schulhaus Leutschenbach

Saatlenfussweg 3, 8050 Zürich

Bauherrschaft: Stadt Zürich, Immobilienbewirtschaftung

Architektur: Christian Kerez, Architekt, Zürich

Bauingenieur: Dr. Schwartz Consulting

Realisatioun: 7. September 2009

Käschten: 56.5 Mio. Fr.

MFO-Park

Den MFO-Park ass ee vun de véier Pärk am Quartéier Neu-Oerlikon. Fréier dominéiert vun der Industrie (OC Oerlikon, ABB), gëlt dëse Quartéier haut als neigewonne Stad. A wou Leit wunne kommen, do gi Gréngfläche gebraucht.

Den Numm MFO kënnt vu Maschinenfabrik Oerlikon, wat dorop hiweist, dass hei fréier Maschinne gebaut goufen. De Park versteet sech als ee gebaute Volume, deen sech a sengen Dimensiounen der aler Hal an der Nopechbebauung upasst. D'Planze leien hei net flaach um Buedem, mee se wuessen de Staangen no an d'Héicht. Sou verännert de Park vu Joer zu Joer säin Ubléck a gëtt méi Gréng.

Et kann een awer och selwer op d'Gerüst goen. D'Trape féieren duerch d'Gerëpp erop bis op den Dach vun der Konstruktioun.

MFO-Park

James-Joyce- / Ricarda Huch-Weg 8050 Zürich

Bauherrschaft: Stadt Zürich, Grün Stadt Zürich

Architektur: Planungsgruppe Burckhardt + Partner und

Raderschall Landschaftsarchitekten AG

Realisatioun: Summer 2002

Käschten: 6.58 Mio. Fr.

Zürich-West

Zürich-West läit, wéi den Numm et scho seet, am Weste vun der Stad. Et zitt sech vum Viadukt am Oste bis zur Aargauer Strasse am Westen ëmmer de Gleiser no. Dëse Quartéier wor nieft Oerlikon, de wichtegsten Industriequartéier vun Zürich.

Mee mat der Zäit an duerch den Drock vun der Stad no ëmmer méi Wunnraum ass d'Industrie lues awer sécher aus der Stad erausgedréckt ginn. Vill Gebaier an Hale stoungen op eemol eidel. Am Géigendeel zu villen aneren ähnleche Projeten, ass hei d'Feld awer net den Investisseuren iwwerlooss ginn.

Wéi et sech fir eng Gentrifizéierung gehéiert, woren et d'éischt kreativ Leit, déi hei hir Atelieren ageriicht hunn. Mat der Zäit ass de Quartier rëm an d'Bewosstsinn vun den Zürcher komm, an esou ass de Besoin entstan e geregelt ze developpéieren. D'Stad Zürich huet ee 'Biergerforum' organiséiert, wou all Parteie gläichwäerteg vertruede waren. Sou ass ee Gesamtkonzept fir d'Entwécklung vun Zürich-West entstan, dat och haut nach ëmmer vun den Zürcher gedroe gëtt.

De Quartéier ass net vun haut op muer ëmgekrempelt ginn, mä no an no. Sou ginn et och haut nach ëmmer al Halen, déi fir Concerten, Theater oder normale Barbetrib genotzt ginn. Mat der Zäit verschwannen dës Bauten awer fir neien, zäitgenëssesche Plaatz ze maachen. D'Gentrifizéierung ass domatt bal um Enn ukomm an et bleift spannend dëse Quartier weider z'observéieren.

Club el Social
...10
...11

Viadukt

De Projet Viadukt ass deen am rezentst realiséierte Projet. En ass eng Äntwert op d'Fro wéi een Zwëscheraim an enger Stad sënnvoll ka notzen. Wéi den Numm et seet handelt et sech hei ëm een Zuchviadukt, deen Ufanks 20. Jorhonnert gebaut ginn ass. Zesumme mat engem méi klenge Viadukt, formëieren se eng Y Form, déi et gegollt huet ze notzen.

D'Architekten hunn d'Fläch vum Y genotzt fir eng Maarthal an de Quartéier ze bréngen. An engem zweeten Deel vum Projet hu se an d'Béi vum Viadukt Geschäfter integréiert. Interessant um Viadukt ass, dass en tëscht zwee ganz verschidde Quartéiere läit. Duerch d'Beliewe vun dëser Grenz gëtt och ee Lien tëscht de Quartéiere geschaf, deen hëlleft Zürich-West besser un d'Stad unzebannen.

Viadukt

Limmatstrasse, 8005 Zürich

Bauherrschaft: Stiftung PWG

Architektur: EM2N Architekten

Landschaft: Schweingruber Zumlauf Landschaftsarchitekten

Realisatioun: Fréijoer-Hierscht 2010

Freitag Turm

D'Mark Freitag, déi weltwäit bekannt ginn ass duerch hir Emhängeposchen, huet hir Origine net wäit vum heitege Standuert vum Freitag Turm. Aus deem Grond wor et de Gebridder Freitag wichteg hire Flag Ship Store an dëse Quartéier ze bauen.

Den Architekturbureau Spillmann Echsle ass domatte beoptragt ginn de Flag Ship Store fir d'Marque Freitag ze bauen. Et wor béide Parteie wichteg, dass een d'Philosophie vu Freitag och an hirem Geschäft kann erëmfannen.

De Bau besteet aus 17 Containeren, déi nieft- an openee gestallt goufen. Dës Containere symboliséieren zwee wichteg Aspekter vun der Marque. Fir d"Eicht erënneren se u Camionen, vun deenen och d'Matière Première vun hire Posche kënnt a se symboliséieren d'Iddi vum Recyclage, well se all gebraucht kaaft gi sinn.

Wann eng Marque duerch e Bau seng Firmephilosophie demonstréiert, schwetzt ee vu 'Corporate Architecture'.

Freitag Turm

Geroldstrasse 17, 8005 Zürich

Bauherrschaft: Freitag lab.ag

Architektur: spillmann.echsle architekten eth sia

Realisatioun: 2006

Bahnhof Hardbrücke

Architektur muss net ëmmer ee Gebai sinn. Ee vun de beschte Beispiller heifir ass de Bahnhof Hardbrücke. Mat 550 Zich pro Dag gehéiert dës Gare zu enger vun deenen 10 gréissten aus der Schwäiz.

Wéi se 1982 a Betrib geholl gouf, loung se einfach op de Gleiser an ënnert der Hardbrücke. Duerch ee Concours ass 2006 probéiert ginn dës Plaatz nei z'iwwerdenken. Duerch kleng baulech Agrëff an duerch eng nei Signaletik ass de Bahnhof Hardbrücke dunn op eng gewësse Zort opgewäert ginn.

Bahnhof Hardbrücke

Hardstrasse, 8005 Zürich

Bauherrschaft: Schweizerischen Bundesbahnen SBB

Architektur: EM2N Architekten

Realisatioun: Dezember 2006

Käschten: 3.35 Mio Fr.

Prime Tower

Mat enger Héicht vun 126 Meter a 36 Stäck ass de Prime Tower dat héchste Gebai aus der Schwäiz. E steet um fréieren Industriesite Maag Areal direkt nieft der Hardbrücke.

D'Architekte Gigon Guyer hu sech am Architekte Concours géint renoméiert international Bureauen duerchgesat. Se wossten d'Jury mat hirem Konzept vun enger klorer Christalform z'iwwerzeegen. Wann d'Héichhaus fäerdeg ass schaffen hei em déi 2000 Leit.

Um selweschten Areal entsti méi déif nach aner Bureaugebaier. Duerch de Bahnhof Harbrücke ass dëse Komplex gudd un de Schinneverkéier ugebonnen.

Prime Tower

Hardstrasse, 8005 Zürich

Bauherrschaft: Swiss Prime Site AG

Architektur: Gigon / Guyer Architekten

Realisatioun: 2011

Impressum

Copyright © REEL.org asbl, 2010

Idee a Realisatioun: Max Michels
Photoen an Texter: Max Michels

REEL 10
ZURICH
Réunion Européenne des Etudiants Luxembourgeois